N°2641
Luxembourg, le 23.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.07.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

*Claude WISELER*
*President vun der*
*Chamber vun den Deputéierten*
*19, um Krautmaart*
*L-1728 Lëtzebuerg*

Rolleng, den 22/07/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.

Verschidden Zeitungen hunn iwwert ee Fall vun Homophobie beriicht, deen sech dëst Joer um Pride Festival zougedroen huet. Hei gouf ee Kënschtler, deen op der Pride deelgeholl huet, nom Festival vun zwou Persounen diskriminéiert an aggresséiert. D'Police bestätegt, dass eng Plainte géint d'Aggresseure gemaach gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll vun Homophobie goufen et an de vergaangene 5 Joren, opgelëscht pro Joer?
2. Wéi vill Fäll vun Diskriminéierung goufen et an de vergaangene 5 Joren, opgelëscht pro Joer?
3. Ginn et zu Esch méi där Fäll wei am Rescht vum Land?
4. Ass d'Situatioun insgesamt fir d'LGTBIQ-Communautéit méi schlëmm ginn?

*Mat déiwem Respekt,*

*GOERGEN Marc*
*Deputéierten*

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés